ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 03/02/2025

Rapport vun der Jugendkommissioun

Kommissioun (07.01.2025)

Presenzen

Present	Net present
Samantha Fernandez Lara Georges Lynn Mangen Jordan Pires Marie Sadler Aloyse Kieffer Jyll Duschinger Noah Edert Leo Toum Rosie Brandenburger	Frank Conrad (entschëllegt)

1. Benefice Kürbis schnëtzen

- Um Event Kürbis schnëtzen ass ee Benefice vun 311 € gemaach ginn
  - Akommes vun 619 € (Kürbisverkaf)
  - Akommes vun 191 € (Verkaf vu Kuch, Snacks a Gedrénks)
  - Ausgab vun 460 € (Akaaf vu Kürbisen)
  - Ausgab vun 39 € (Akaaf vu Snacks)
- Mir halen fest, dass mir de Benefice vun 311€ als Fond de caisse fir eist nächst Event, den Open Air Kino, notzen.
- **Fro un de Gemenge- a Schäfferot** : Gëtt et fir eng Kommissioun a punkto Fiskalitéit eng festgeluechten Struktur oder Reegelen ? Wann jo wéi eng ?

Helperknapp, 03/02/2025

2. Biisser Jugendhaus

- D'Lynn Mangen hat d'Biisser Jugenhdaus kontaktéiert a nogefrot wéi si eis Iddi fir d'Organisatioun vun Navette vun eiser Gemeng an hiert d'Jugendhaus fannen. Mir wollten dës Navetten am Zäitraum vun der Ouschtervakanz 2025 organiséieren. D'Biisser Jugendhaus begréisst eis Iddi.
- D'Biisser Jugendhaus stellt am Februar hiren Plang vun den Aktivitéiten op. D'Lynn Mangen kontaktéiert si Ufank Februar fir dësen Aktivitéitenplang matgedeelt ze kréien.
- Mir halen fest, dass mir soubal mir den Aktivitéitenplang vum Biisser Jugendhaus am Februar matgedeelt kruten, ee Flyer fir dëse Projet erstellen. Dëse Flyer gëtt dann an der Gemeng verdeelt.
- De Projet ass d'Organisatioun vun enger Navette, zousätzlech zum ëffentlechen Transport, déi den Transport vun den Jugendlechen aus der Gemeng Helperknapp an d'Biisser Jugendhaus an nees zeréck assuréiert. Dës Navette soll zwee Mol an der Ouschtervakanz (Dënschdes an Donneschdes um 14 an um 18 Auer) an zwee Mol wärend der Schoulzäit fueren.
- De Budget vum LEADER gëtt geholl fir d'Organisatioun vun dësen Navetten.
- Am Februar organiséiere mir eng nächst Versammlung, wou mir d'Responsabel vum Jugendhaus häerzlechst invitéieren, fir eise Projet ze finaliséieren.

3. Open Air Kino 2025

- D'Firma Sunset Cinema huet d'Marie Sadler am November kontaktéiert fir nozefroen, ob mir als Jugendkommissioun nees am Joer 2025 drun interesséiert wieren mat hinnen zesummenzeschaffen.
- Den Open Air Kino ass een Event, woufir vill Budget gebraucht gëtt, aus dësem Grond vergläiche mir eisen Devis vun Sunset Cinema vum Joer 2024 mat engem Devis vun CarambaVision (Raymond Massard) vum November 2024.
    - Sunset Cinema : 2 Deeg - > 10.003 €
    - CarambaVision: 2 Deeg -> 6.992 €. (Am Devis ass hei keng Animatioun an d'Organisatioun vun de Still abegraff).
    - **Fro un de Gemenge- a Schäfferot** : Wéi vill Ligestill an Dëcken huet d'Gemeng ?
- Mir hale provisoresch fest, dass mir den Open Air Kino am Joer 2025 den 11.07 an den 12.07 organiséiere wëllen.
- D'Marie Sadler freet fir dëst Joer een neien Devis an och d'Filmlëscht bei der Firma Sunset Cinema un. Baséierend op dem Feedback vun 2024 wëlle mir als Jugendkommissioun awer keng Animatioun a keng Popcornsmaschinne méi mat um Devis stoen hunn.
- D'Jill Duschinger freet fir dëst Joer een neien Devis an och d'Filmlëscht bei der Firma CarambaVision un.

Helperknapp, 03/02/2025

- Mir leeden den Devis vun der Firma Sunset Cinema a vun der Firma CarambaVision un de Schäfferot weider a froe si em hiren Avis.
- Mir schwätzen doriwwer, wéi mir fir dëst Joer de Catering beim Open Air Kino organiséiere wëllen.
- Mir diskutéieren doriwwer op een ee Foodtruck fir d'Event ufroe soll. Mir entscheeden eis géint d'Organisatioun vun engem Foodtruck aus follgenden Grënn: Dëse kann am leschten Moment ofsoen an et besteet d'Méiglechkeet dass et zu Stroumprobleemer (Beamer Leinwand Kino + Foodtruck) komme kann.
- Wéi och d'läscht Joer fanne mir d'Iddi gutt, dass sech d'Clibb aus der Gemeng mëlle kënne fir de Catering fir d'Event ze assuréieren.
- Hei ass d'Iddi opkomm, dass een de Chalet vun der Gemeng reservéiere kéint fir Fritten an Hotdoggen unzebidden.
- Soubal mir e fixen Datum hu fir den Open Air Kino, kontaktéiere mir per Email all d'Clibb aus der Gemeng.
- Wann kee Club sech mëllt, dann hale mir fest dass mir nëmme Gedrénks a keen Iessen um Event ubidde wäerten.

4. Divers

- Déi nächst Versammlung fënnt de 24. Februar 2025 um 19:30 statt.